SYVICOL

# Omikron: Gemenge sinn op Ausfäll virbereet

05. Jan 2022 - 14:00

**D'Verbreede vun der héich infektiéiser Omikron-Variant géif sech an de Gemenge bemierkbar maachen, sou den Emile Eicher: et géif ee mierken, datt ëmmer méi Leit krank ginn. Wärend virdrun zwee oder dräi Leit ausgefall sinn, wieren et elo eng hallef Dosen oder méi. "Et mierkt een, datt den Omikron ronderëm sech schléit", esou de President vum Syvicol.**

*Isabel Scott / cbi*



*Den Emile Eicher ass Presiden vum Syivol. Foto: Archiv*

Lauschteren

Deslescht waren an enger Gemeng fënnef vu siwe Leit aus engem Service ausgefall, wéi et ëm d'Ausbezuele vun de Paie gaangen ass. Et hätt sech dann ee pensionéierte Receveur zu Klierf fonnt, deen an der Gemeng ausgehollef huet, zielt de President vum Syvicol.

## Remplaçante si prett

Duerch d'Solidaritéit tëscht de Gemenge géif deen een deem anere bei Bedarf aushëllefen. Fir awer weider kënnen déi néideg Servicer ze garantéieren, huet de Syvicol e Pool vu Remplaçanten op d'Bee gesat.

Um Site vum Syvicol géif et zanter annerhallwem Joer d'Méiglechkeet ginn, datt pensionéiert Receveuren a Sekretäre sech melle fir a sou Fäll kënnen anzespréngen. Op dëser Lëscht wieren eng Dosen Receveuren a siwe Sekretären, déi asprange kéinten, erkläert den Emile Eicher.

## Technesch Upassunge sinn en place

Donieft géif et och eng WhatsApp-Grupp vun all de Buergermeeschterinnen a Buergermeeschter ginn. D'Ëmorganisatioun op de verstäerkten Télétravail géif och klappen, déi néideg IT-Upassunge wiere scho wärend dem éischte Lockdown en place gesat ginn.

Den Emile Eicher mécht sech deemno wéineg Suergen wéinst der Omikron-Variant. Kritesch géif et eréischt da ginn, wann een Drëttel bis d'Hallschent vum Personal gläichzäiteg géif ausfalen. Dat wier bis elo nach net geschitt, ze verdanken hätt een dat notamment de Sécherheetsmesuren, wéi zum Beispill den 3G.